



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Gemeinsam Äntwert vun dem Minister fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Enwécklung an dem Wunnensbauminister op d'parlamentaresch Fro n°5975 vum 23. Mäerz 2022 vun dem éierwäerten Deputéierten Här Fred Keup iwwert "Prise en charge conseil en énergie"

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5766 schreift d'Regierung zu der Méiglechkeet, e Klimaprêt fir d'energetesch Sanéierung vun engem private Logement unzefroen ënner anerem dat hei: "Dës Zuele weisen, dat de Klimaprêt net den erhofften an néidegen Erfolleg kennt, wéi et néideg wier, fir engersäits déi energetesch Renovatiounen vun eelerer Bausubstanz virun ze dreiwien an anersäits grad deene Stéit mat méi niddregen Akommes ze hëllefen". Weider schreift d'Regierung och: "Nieft anere Mesurë wéi zum Beispill de Subside vun der PRIME House, soll de Klimaprêt et erméiglechen, bei enger Renovatioun den Energieverbrauch ze reduzéieren an d'Nohaltegkeet vum Gebai ze verbesseren. Fir dass dat geléngt, ass bei dëse Renovatiounen eng Energieberodung³ virgesinn. Dës Berodung mat Projetsbegleedung duerch een agreéierten⁴ Energieberoder [...]. Zu dëser u sech begrëssenswäerter Moosnam gouf mir zougedroen, datt Bierger oft mat an engem héije véierstellege Betrag mussen a Virleeschtung goen, ouni awer ze wëssen, ob si d'Ënnerstëtzung zougesot kréien, wat grad fir Leit déi net vill verdéngen e grouse finanziellen Zousazrisiko duerstellt, dee liicht kann ofschrecken.

1. Kann d'Regierung dës Virgäng bestätegen? Falls jo, kann d'Regierung elaboréieren, firwat d'Leit net och am Fall vun engem negativen Avis, e Remboursement vun dëse Berodungskäschte kënnen ufroen, besonnesch well jo d'Zil "grad deene Stéit mat méi niddregen Akommes ze hëllefen" bis ewell net erreecht gouf?

Laut dem Paragraph 5 vum Artikel 8 vum Gesetz vum 23 Dezember 2016¹ gëtt d'Energieberodung just subventionéiert wann op mannst eng Moosnam ëmgesat gëtt déi och gefördert gëtt, an d'Gesetz gesäit keng Ausnam vir fir Stéit mat niddregem Akommes.

Allerdéngs kann all Bierger am Virfeld vum der Energieberodung bei der Klima Agence (Ex-MyEnergy) eng Grondberodung kréien déi gratis ass. Déi Berodung soll dem Bierger hëllefen e Besuch ze kréien wei eng energetesch Sanéierungen an sengem Fall sënnvoll kennen sinn, an och wei eng Subsiden ëtt heifir ginn. Des Grondberodung geet allerdéngs generell net duer fir en konkret Konzept auszeschaffen an fir d'Subsiden ze berechnen.

Fir dem Bierger weider ze hëllefen gesäit d'Gesetz doriwwer eraus säit dem 1.1.2017 engersäits fir datt virun den Aarbechten muss een "Accord de Principe" ugefrot ginn a anersäits och datt de Beroder muss bei der Ëmweltverwaltung agreéiert sinn. Hei geet ëtt drëm ze vermeiden datt Leit Mesuren ëmsetzen an bezuelen di herno net éligibel sinn, an dem Bierger och vun Ufank un eng Planungssécherheet ze ginn.

Den "Accord de Principe" gëtt virun den Aarbechte vun der Ëmweltverwaltung kontrolléiert a garantéiert soumat dem Bierger datt wann hien d'Aarbechten esou mécht ewéi ugefrot, hien och d'Hëllefe kritt. Natierlech zielt dat just wann d'Aarbechten och esou ausgefouert ginn ewéi se vun der Verwaltung accordéiert gi sinn. Fir all Ännerung während dem Projet ka vun der Verwaltung hir keng Garantie iwwerholl ginn, datt ee Subsiden och ausbezuelt gëtt.

Den agreéierte Beroder, deen de Bierger während der ganzer Sanéierung begleet, kennt d'Gesetz gutt an hëlleft dem Bierger dobäi déi richteg Décisionen am Kader vu senger Sanéierung ze huelen.

¹ Loi du 23 décembre 2016

1. instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement;
2. modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Lëtzebuerg, den 26. Abrëll 2022
(s.) Claude Turmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung